



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6030 vum 6. Abrëll 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

1. D'Planung an d'Uschafe vun engem IRM kaschte vill Zäit. Wisou gouf d'Mise en marche vum IRM um Potaschbierg esou kuerzfristeg gestoppt?

Den Exploitant ass informéiert ginn dass seng Installatioun net de gesetzleche Dispositiounen entsprécht. Effektiv gesinn d'Bestëmmungen vum ofgeännerten Spidolsgesetz vum 18. Mäerz 2018 vir, dat d'Bedreiwe vun engem Centre de diagnostic sou wéi och d'Installatioun vun engem IRM de Spideeler virbehalen ass an enger nationaler Planung ënnerläit.

2. Wéi hunn sech d'Chifferen aus der parlamentarescher Fro n°4032 säit Januar entwéckelt? Wou stinn Delaie fir ee Rendez-vous fir den IRM haut?

D'Delaie fir en Rendez-vous fir en IRM ze kréien hunn sech säit der progressiver Mise en place vun zousätzlechen IRM'en an de 4 Spideeler bis elo em ronn 20% verbessert. Dëst ass virun allem bedéngt duerch déi 4 zousätzlech IRM'en déi zënter 2018 accordéiert goufen sou wéi och d'Erweiderung vun den Auerzäiten. Krisenbedengt ass des Evolutioun awer variabel no Spidol an no Typ vun Examen.

Urgent Rendez-vous'en kënnen weiderhi kuerzfristeg zougedeelt ginn.

Den folgenden Tableau schlësselt d'Evolutioun vun den Waardezaiten fir en Rendez-vous fir en IRM an den 4 Spideeler säit 2018 op:

IRM - évolution du temps d'attente (jours) pour un RDV /établissement hospitalier				
	2018	2019	2020	2021
CHdN	51	56	45	27
CHL	53	47	46	45
HRS	73	64	56	60
CHEM	38	36	25	24



3. Wat fir konkret Moossname goufe rezent ergraff, fir um informatéschen ewéi dem net-informatésche Wee den Zougang zum Plateau de radiologie mei effizient ze gestalten?

Den Zougang zum Plateau de radiologie an den verschiddenen Spideeler gouf e.a. duerch eng informatésch Prise de Rendez-vous vereinfacht.

Duerch den nationale Projet ANIM.LU sinn d'Billen vum den Examen doriwwe eraus och iwwe den DSP accessibel.

4. Plangt d'Madamm Ministesch de legale Kader sou ze adaptéieren, dass IRM'en am extrahospitale Milieu dierfen duerchgeféiert ginn? Falls jo, wéini wir mat dësem legale Kader ze rechnen?

De Gesondheitsministère ass amgaang e Gesetzesprojet ze finaliséieren, deen ënnert anerem virgesäit dat an Zukunft zousätzlech IRM'en kënnen ausserhalb vum den 4 Etablissements hospitaliers exploitéiert ginn.

5. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Käschte vun dëse Servicer vun der CNS solle gedroe ginn? Wat geschidd, falls d'CNS decidéiert, dës Käschten net ze droen?

D'Käschte vun de medezineschen Akte kënnen vum der Krankeversécherung iwweholl ginn esoulaang de Plateau médico-technique am gesetzleche Kader vum Spidolsgesetz bedriwwe gëtt.

6. Ass d'Madamm Ministesch net der Meenung, dass d'Auswäichen vu ville Patienten op IRM-Servicer am Ausland, déi si dann zum Groussdeel aus der eegener Täsch bezuele müssen, zur Entwécklung vun enger Zweeklasse-Medezin bäidrëit?

Am Kader vun der Directive soins transfrontaliers sinn d'Patienten fräi fir am Ausland Prestations médicales ze beusprochen. Et ass Ziel fir d'Verbesserung vun der Accessibilitéit esou ze assuréieren dass dee Besoin limitéiert ass.

D'IRM'en falen ënner dës Direktive, esou dat keng prelabel Autorisatioun iwwe den S2-Formular néideg ass. Dee Moment muss de Patient d'Käschte vun enger IRM am Ausland virstrecken an déi müssen och, an Applicatioun vun dëser Direktive, vun der Gesondheitskeess zu de selwechten Konditiounen iwweholl ginn ewéi wann d'IRM um nationalen Territoire gemaach gi wär. Well an der Regel d'Käschte fir esou IRM'en am Ausland méi héich sinn, virun allem an esou genannte "Privatkliniken", muss dee Moment den Assuré en Deel selwer iwwehuelen.

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2022

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert